Wei sëtzen mir am Cycle 3&4 (Maison Relais) d'Covid-Mesuren ëm?

- Mir sinn a Gruppen opgedeelt. An all Grupp sin just Kanner aus dem selwechten Joergang:
  - C3.1
  - C3.2
  - C4.1
  - C4.2

- Mir mëschen eis NET mat deenen aneren Gruppen an et kommen och keng Leit vun baussen an eise Grupp.

- All Grupp huet säin Sall mat deenen verschiddensten Materialien (fir ze bastelen, ze bauen, ze rouen an natierlech ze spillen), déi d'Kanner frei kennen benotzen.

- D'Kanner an déi Erwuessen hunn déi ganzen Zäit d'Mask un. Wann mir d'Mask wellen ausdoen, setzen mir eis roueg op eng Plaz an hunn déi néideg Distanz zu deenen aneren Kanner



- Alleguer eis Säll gin regelméisseg gelëft an mir hunn d'Fensteren op der Kipp

- Mir ginn oft eraus an profitéieren vun der frëscher Loft op eise Spillplazen an Schoulhäff oder och am Bësch

- Mir hunn de ganzen Dag eng léif Madamm vun der Botzéquipe op der Plaz déi eis Dëscher, d'Klënschen, an d'Sanitären... regelmässeg désinfizéiert

- Mir ginn regelmässeg eis Hänn gutt wäschen an passen och soss op déi gängeg Sëcherheetsmesuren op

Cycle 3

De C3.1 ass am Ronnbau um R.d.Ch. Well mir awer an deenen grousse Mettesstonnen zevill Kanner sinn, gi mir op déi 2 Säll opgedeelt

De C3.2 ass déi grouss Mettesstonnen an eisem neien Sall (Sall Pavarotti) an der Musékсschoul.

Nomëttes an Dënschdes an Donneschdes sinn mir Kanner aus dem C3 am Ronnbau um R.d.Ch opgedeelt an déi 2 Säll.

De C3 huet säin Restaurant am Ronnbau um 1.Stack. Dëscher sinn no de Schoulklassen opgedeelt – et kennen emmer nëmmen max. 4 Kanner aus der selwechter Klass zesummen iesse goen.

Eis Elteren kommen eis bei de Ronnbau sichen wann mir heem ginn.

Cycle 4

De C4.1 hunn hiren Grupperaum am orangen Sall (R.d.Ch – Maison Relais). Mir iessen am bloe Sall wou mir eis e flotten Restaurant aménagéiert hunn. Dëscher sinn no de Schoulklassen opgedeelt – et kennen emmer nëmmen max. 4 Kanner aus der selwechter Klass zesummen iesse goen.

Eis Elteren kommen eis bei d'Haptentrée vun der Maison Relais sichen.

Mir aus dem C4.2 kënnen déi grouss Mettesstonnen (Méindes, Mettwochs a Freides) am JUKI (Jugendhaus) verbréngen

Mir iessen am bloe Sall wou mir eis e flotten Restaurant aménagéiert hunn. Dëscher sinn no de Schoulklassen opgedeelt – et kennen emmer nëmmen max. 4 Kanner aus der selwechter Klass zesummen iessen goen.

Méindes, Mettwochs a Freides sinn mir am orange Sall (R.d.Ch Maison Relais)

Dënschdes an Donneschdes sinn mir an der neier Musékсschoul an eisem flotten neie Sall (Sall Pavarotti). Ab 17.00 sinn mir neess am orangen Sall.

Eis Elteren kommen eis also emmer bei d'Haptentrée vun der Maison Relais sichen.